



Eis zweet Sortie fir dëst Joer huet den Flyfishing Club aus Lëtzebuerg op Freux bei Libramont gefouert wou mir traditioneller Weis, den Dag no der Generalversammlung, eisen President den Jean Jaques May gefeiert hunn andeems mir mat Him zesummen fëschen gaangen sinn. Sinn mir an der Vergaangenheet deen Dag ëmmer op Rabais bei Virton gefuer esou hat dëst Joer den Comité decidéiert an Plaz op Freux ze fueren ewell eis zu Oueren komm war dass zu Rabais och dierft mat Läffelcher gefëscht ginn an dat eiser Meenung no net harmoniséiert mat eisem Clubliewen. Mir sinn also zu fofzéng Memberen op de Weier zu Freux fëschen gaangen an konnten do een formidabelen Dag erliewen wou mir erëm an allen Belaanger op eis Käschten komm sinn wat heeschen well dat mir niewent dem fëschen, et waren ausnamslos schéin Fësch ze fänken, och kulinaresch vun eisem President verwinnt gi sinn, ewéi kéint et och aneschters sinn mee dozou kommen mir méi spéit ewell mir jo awer dohinner gefuer waren fir mat der Méck ze fëschen











Um Virowend vun eiser Sortie op Freux huet zu Lamadelaine op de Weieren eis Genralversammlung stattfonnt déi ewéi all Joers ganz harmonesch ofgelaaf ass an wou esouwuel d´Caisserevisoren d´Caisse gutt geheescht hunn ewéi och déi austriedend Comités Memberen erëm gewielt ginn sinn. Dernieft ass de President ee bëssen op den Verlaf vun eiser Fëschersaison agaangen déi hannert eis läit, de Caissier huet säin Caisserapport virgestallt an de Sekretär ass mat ee puer Wieder op de Programm fir d´Joer 2023 agaangen. Ganz frou waren mir och de Memberen kënnen mat ze deelen dass déi dräi nei Memberen am Comité de Guy Hoffmann, de Meis Fränz an de Gérard Bertholet sech am Laf vum leschte Joer gutt abruecht hunn. Den Owend ass mat Schampes an Schnittercher ofgeronnt ginn an esou gestäerkt konnt jo dann och fir Freux Näischt méi schief goen zemools wou eisen President de Jeek an de Jemp schonn Donneschdes eis Lënsenzopp gekacht haten an Sie sech heibäi erëm Beschtnouten verdéngt hunn.










Woubäi mir bei der Zopp wären, pardon net esou séier, fir unzefänken huet de President mol als Aperitif ee puer pains surprises an Schampes zum Beschten ginn. Duerno war et do un der Lënsenzopp an ech kann Iech versécheren dass Keen sech genéiert huet och nach eng zweet oder drëtt Jatte sichen ze goen. Ofschléissend ass et dunn nach Taarten a Kaffi ginn an d´Marie – Paule hat sech et och net huelen gelooss, zum Schluss wou mir schonn net méi japsen konnten, och nach seng selwer gebaken Desserten, natierlech mat Schlagsan, ze zerwéieren an do konnten mir

jo net Nee soen. Mir haten awer och vun der Geleeënheet profitéiert fir d´Éierung vun eisem Club Champion vum leschten Joer, den Dan Muno, no ze huelen an de President huet Him heibäi säin Diplom an eng gutt Fläsch iwwerreecht ewell ab dësem Joer eis Club Championen an Plaz vum selwer Plateau, deen den Dan Pierrot halen konnt ewell Hien dësen dräi mol hannert eneen gewonnen hat, eng gutt Fläsch géifen iwwerreecht kréien. Eis Mëttespaus huet dann och genee esou laang gedauert ewéi et soll sinn an dat war och batter néideg ewell duerno sinn mir nach eng Kéier ugetrueden fir et eng zweeten Kéier mat deenen schéinen Fësch op ze huelen.













Mir haten et dann och nach richteg gutt mam Wieder erwëscht, et war een mëllen Fréijoers Dag an och wann Moies een strammen Wand gebloossen huet esou ass dach Mëttes ze guer d´Sonn luussen komm. Och hat ech schonn geschriwwen dass mir esou schéin Fësch fänken konnten déi

eis dann och nach richteg un d´schaffen kritt hunn och wann et guer net esou einfach war fir se ze iwwerlëschten mee eis al Fuussen haten awer séier den Dréi eraus an hunn eis mat den engem oder aneren gutt gemengten Rot weidergehollef. Alles an Allem haten mir erëm een wonnerschéinen Dag an esou soll et och weidergoen.













Elo steet als Nächst een éischten Héichpunkt un nämlech eis Sortie op den Lac de la Moslotte wou eis erëm een flotten Weekend erwaart an wou mir hoffen dass mir dëst Joer ee bëssen méi Fësch wäerten fänken ewéi dat zejoert de Fall war. Mee an Erwaardung vun eisem traditionellen Grillowend deen schonn bal legendär ass sinn ech mir sécher dass mir och dëst Joer erëm ee puer flotter Deeg zu Saulxures erliewen wäerten an egal op mir vill Fësch fänken oder och nach ewéi et mam Wieder wäert sinn, mir maachen erëm ewéi ëmmer dat Beschten dorausser.